

Léif Press,

Léirf alleguer,

Ech wëll zu deem Stellung huele, wat dëser Deeg an der Press publizéiert gouf.

Zum Deel waren déi Artikelen beleideng a verleumdeg, dofir halen ech mir all Méiglechkeete vir, fir géint all beleideng Bäitrag vir ze goen.

Ech verwerfen all Uschëllegunge vu mengem fréieren Assistent.

Zanter Méint war ech fir e sougenannte „hearing“ disponibel, fir virun der Kommissioun géint „harcèlement“ auszesoen, ma si hu mir mäi Recht, en Affekot bei Säit ze hunn, verweigert.

Sollt dës Kommissioun eng Entscheidung getraff hunn, dann ouni mech ze informéieren, weder per Bréif oder Email. Dat wier da géint d'Reegelen.

Dohier wonnert et ech mech dat d'Press méi weess wéi ech.

Wat d'Beschreibung vun der Sanktiounsprozedur ugeet - esou wéi d'Medien et duerleeën ass erfionnt. Ech krut nach kee Bréif vun der zoustänneger Kommissioun, also ass nach keng Entscheidung getraff. Ech muss dee Bréif en recommandé ënnerschreiwien.

A menger Funktioun als Europadeputéiert, an an
allem Respekt virun dëser Institutioun, ginn ech virop just dem
Europaparlament Erklärungen zu den Accusatiounen.

Wann d'Enquête bis op en Enn komm ass, ass d'Zäit fir
d'Wourecht z'erzielen an op d'Beleidegunge a Verleumdunge
mir géintiwwer an ze goen.

Mat beschte Gréiss,

Monica Semedo